

## Rapport Referees Commission 19 September 2017

**Uwiesend:** Ney, Geib, Keiffer, Simonelli, Weinzierl, Nesser, Schmitt, Pascalicchio, Frieseisen

**Entschellegt:** Weber

### **1. Adoptioun vum Rapport vum 08.08.2017**

De Rapport ass approvéiert. (*Le rapport est approuvé.*)

### **2. "Journée Arbitrage" de Weekend vum 30.9 - 01.10 (FLVB, FLBB, FLF, FLTT, FLH)**

D'Rollup a Flyer sinn fäerdeg an d'Veräiner déi an der Nationaldivisioun Dammen an Hären de Weekend vum 30.9 doheem spillen, sollen se déi nächst Woch an d'Federatioun siche kommen. D'Rollup sollen an der Entréeskees esou opgestallt ginn, dass een se gutt geséit. Den 28.9 as bei der FLF eng Pressekonferenz mat de Presidente vun all Verband. (*Les clubs qui jouent à domicile en division nationale dames et hommes le weekend du 30.9, sont priés de venir chercher les Roll-up et Flyers au bureau de la fédération qui doivent être présentés aux spectateurs bien visiblement à la caisse d'entrée. Une conférence de presse avec tous les présidents des fédérations aura lieu le 28.9 au site de la FLF.*)

### **3. Resultat Tester vum 16. September**

D'Tester sinn am grouse Ganzen zefriddestellend absolvéiert ginn, mat sécherlech awer deem engen oder aneren Ausrutscher. E puer Kandidate mussen dowéinst den **30.09 um 10h00 an der Maison des Sports** nach eng Kéier presentéieren. Sie ginn all vum Patrick Simonelli kontaktéiert. (*Le résultat des tests a été plus ou moins satisfaisant. Les arbitres qui n'ont pas réussi leurs examens, seront contactés par Patrick Simonelli afin de passer un réexamen le 30.09 à 10h00 à la Maison des Sports.*)

### **4. Datum fir Examen fir néi Delegéiert**

Den theoretischen Examen fir déi néi Delegéiert fënnt den **30.09 um 10h00** an der Maison des Sports statt. (L'examen théorique pour les nouveaux délégués aura lieu le **30.09 à 10h00 à la Maison des Sports.**)

### **5. Arbitterformatiounen 2017/2018**

Rappel: De P. Simonelli organiséiert eng Formatioun den **21.10** vun **09h00 bis 12h00 um INS/Sportlycée**. D'Präsenz vun all Arbitter as obligatoresch! (P. Simonelli organisera une formation pour tous les arbitres le **21.10** de **09h00 à 12h00 à l'INS**. La présence de tous les membres du corps arbitral est obligatoire.)

### **6. Veräinsvertrieder an der Referees Commission**

Den HB Diddeleng ënnerstëtzt d'Mariella Pascalicchio als Veräinsvertrieder an der Referees Commission. Wëll d'Mariella net méi päift, konnt hatt net méi de Corps Arbitral

vertrieden. (*Le HB Dudelange soutient la candidature de Mariella Pascalicchio. Elle représentera donc les clubs aux réunions de la Referees Commission.*)

## **7. Cours Secrétaires/Chronomètres**

Den **07. Oktober** gëtt e Cours op **lëtzebuergesch** an den **14. Oktober** e Cours op **franséisch** an der **Maison des Sports** jeweils um 10h00 organiséiert. (*Un cours en luxembourgeois sera organisé le 07 octobre et en français le 14 octobre à la Maison des Sports à 10h00.*)

## **8. Nouveau règlement de la saison 16/17 (Formule jeunes)**

**Rappel:** D'Refcom erënnert drun, dass dat néit Règlement vum lëschte Joer (3 Team-Time-Outs, Fuarw Ennerkleeder/Thermoskleeder, Blesséierte Spiller 3 Ugrëffer aussetzen) dëst Joer a folgende Kategorien ugewannt gëtt: Nationaldivisioun, Promotioun, U21 an U17. (*La Refcom rappelle que le nouveau règlement (3 Team-time-outs, couleur maillots et sous-vêtement, 3 attaques joueur blessé) sera appliqué dans les catégories suivantes : Division nationale, Promotion, U21 et U17.*)

## **9. Neie Buedem zu Uewerkuer, Schëffleng an Remeléng**

Uewerkuer a Schëffleng sinn an der Réi. Remeléng muss nach nogepreift ginn. (*Oberkorn et Schifflange sont en règle. La salle à Rumelange n'a pas encore été contrôlée.*)

## **10. Néi Tariffer Nationaldivisioun 2018-2019**

D'Refcom proposéiert dem CA eng Lëscht mat néien Tariffer fir d'Saison 2018-2019. (*La Refcom propose une liste de prix au CA qui est valable à partir de la saison 2018-2019.*)

## **11. Headsets**

No villen Tester ginn elo néi Apparater vun der Marque Estgouk bestallt. De Roger Frieseisen këmmert sech em d'Gestioun vun dësen Apparater. (*Après les tests des dernières semaines une commande du modèle Estgouk sera faite cette semaine. Roger Frieseisen sera responsable de la gestion de ces appareils.*)

## **12. Receptioun Arbitter + EHF Delegierten 24.10-26.10**

D'Mariella Pascalicchio mécht d'Receptioun. (*Mariella Pascalicchio s'occupe de la réception.*)

**Nächst Versammlung: Dënschdeg den 17. Oktober um 18:15.**

## **Ordre du jour**

### **1. Adoptioun Rapport 19.09.2017**